



Et gëtt Ausnamen, wat d'Protection nationale ugeet, wat statistesch Donnéeën ugeet an och awer wat kommerziell Informatiounen ugeet. Dat ass natierlech eng relativ large Interpretatioun.

An ech wollt awer nach eng Kéier drun erënnere, datt mer elo... Mir hätten eng éischt Sëtzung, wou mer och an der Mediekommissioun iwwert dat Gesetz iwwer eng transparent Administratioun schonn en éischten Échange de vues hätten. Ech muss éierlech soen, ech hu kee gutt Gefill, wat dat Gesetz ugeet, wat souwisou quasiment eng Reprise ass vun engem Gesetzesprojet vun der vieregter Regierung, dee scho ganz staark kritiséiert gouf, souwuel vum Presserot wéi och vum Mouvement écologique. Well, deemno wéi een dat interpretéiert, mengen ech, wann dat Gesetz en l'état iwwert d'transparent Administratioun esou géif ugeholl ginn, dann, mengen ech, gëtt et deemno wéi méi schwéier, fir un Dokumenter ze komme wéi elo iwwerhaapt. Mä mir wäerten nach d'Geleëenheet kréien, fir dorivwer en long et en large ze diskutéieren.

Ech hunn och virgeschloen, datt mer de Preserot an de Mouvement écologique oder vläicht och nach anerer gesinn als Kommissioun. Dat war anscheinend schonn ze vill audaciéis. Ech mengen, hei zu Lëtzebuerg si mer dat nach net esou richtig gewinnt, fir e bëssen transparent ze diskutéieren, wann et ëm d'Transparenz soll goen. Dofir maachen ech nach en Appell, fir datt mer an déi Richtung ginn.

Souwisou, prinzipiell, mir erliewen zurzäit... Ech hunn datt Wuert „Transparenz“ net onbedéngt gär, ech schwätze léiwer vun demokrateschem Accès. Et muss net alles... Wann ee vun Transparenz schwätzt, dann huet een den Androck, datt een alles misst permanent dohinnerleeën. Neen, wat wichteg ass, dat ass, datt d'Bierger kënnen en Accès hunn op e Maximum vun Informatiounen, well et och d'intérêt général ass.

An och natierlech d'Press, well ech kann lech soen, et ass schonn net evident hautdesdaags. Et si vill Beamten - wann ee selwer Journalist war, weess een dat -, déi heiansdo souguer Angscht hunn, souguer fir eng Donnée ze ginn, déi emol guer net wichteg ass. Anerer si ganz large. Also et ass e bësse plus ou moins esou, et hänkt vum Charakter of. Mä wann een dat duerno esou large aschränkt, da gëtt et nach méi komplizéiert.

Mä de Problem ass och, datt mer hautdesdaags... Ech erënnere drun, am Europaparlament gouf viru Kuerzem och nach esou eng ganz komesch Direktiv ugehall vu fënnf vu sechs Europadeputéierten - deen Eenzegen, deen dergéint gestëmmt huet, war de Claude Turmes - iwwert de Secret des affaires, deen et och nach méi schwéier mécht, deen u sech Multinationaler protégéiert vis-à-vis vun der Press a vun der Société civile.

Also virdrun huet den Här Roth vun Transparenz geschwat. E sot, dat wier ee vun de Wäerter vun eiser Gesellschaft. A leschter Zäit héiert een immens vill vu Wäerter schwätzen hei zu Lëtzebuerg, fir de Verbuet vu Burkaen ze justifiéieren.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Ech gesinn awer aner vermummte Steierflüchtlingen, déi eendeiteg méi eis Gesellschafte schiedegen,...

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- ...déi ginn awer eendeiteg besser protégéiert.

An ech géif och nach, en ass leider net do, ech profitéieren nach, ech hu vill Zäit, wann den Här Aarbechtsminister wierklech eppes wëllt maache fir d'Fraen, a mir ënnerstëtzen hien derbäi: Et gëtt iwwer 8.000 Botzfraen, déi an engem Aarbechtkampf sinn. Si gi wéi Dreck behandelt vum Patronat vun de Botzfirmer, déi richteg Sklavenhalter sinn! Dat muss een emol eng Kéier och soen. Et huet näischt domat ze dinn, mä ech profitéieren dovunner.

Wann e wierklech sech Suerge mécht ëm d'Fraen, ëm aarm Fraen, ëm Fraen, déi meeschtens och kee Wahlrecht hunn, da kann en eng Kéier do vläicht upaken. Well et ass ëmmer einfach natierlech, fir op quasi inexistent Minoritéiten ze klappen. Fir géint d'groust Patronat ze goen, ass e bësse méi schwéier!

Ech soen lech Merci. Mir wäerten eis awer bei deem Projet de loi enthalen.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech mengen, ech brauch wierklech net méi op den Detail anzegoen. Dem Rappor-

teur, dem André Bauler, wëll ech Merci soe fir dee prezisen a komplette Rapport an ech mengen, dass déi meescht Riedner och op déi verschidde Punkten agaange sinn.

Hei geet et jo och ëm eng Transpositioun vun enger Direktiv. Esou wéi den Här Wagner d'Fro gestallt huet, firwat mer net gewaart hunn: Mir hu scho Retard bei der Transpositioun vun der Direktiv, an dowéinst ass et och wichteg, dass déi och ëmgësat gëtt. Et ergänzt am Fong d'Gesetz vun 2007, wat mer scho gestëmmt hatten, iwwert d'Reutilisatiounen.

Ech wëll och soen, dass deen Text, esou wéi en erakomm ass an esou wéi en och elo hei awer am Plenum gestëmmt gëtt, op verschidde Punkte ganz wichteg Ännerunge kritt huet, déi ech wëll ënnersträichen. Do ass zum Beispill dee vun der Gratuitéit. Ech sinn der Meenung, dass Donnéeën, déi duerch (veuillez lire: op) Statskäschten entstane sinn, och dem Bierger gehéieren. Déi gehéieren dem Land a sollen deemno och gratis zur Verfügung gestallt ginn.

Ech wollt just e Lien och maachen, well dat Ganzt och en Deel vun eiser Approche vun „Digital Lëtzebuerg“ ass. Dir wësst, dass d'Regierung och dëst Gesetz als Ustouss geholl huet, fir den „OpenData“ hei am Land och ze fërderen an och ze entwéckelen.

Eng kleng motivéiert Équipe, zesummegestallt am CTIE, an d'Leit vum Géoportail hunn et fäerdegbruecht näamlech, a ganz, ganz kuerzer Zäit och en „OpenData“-Portail op d'Been ze setzen, deen et de Bierger am Fong erméiglecht, all Moment déi verschidden Donnéeën, déi de Stat och en temps réel huet, kënnen opzeruffen. Dese Site ass nach actuellement an der Entwicklungsphas, gëtt awer schonn intensiv benotzt an en huet scho voll motivéiert Programmierer, déi dorun nach weider schaffen, fir dës Donnéeën och weider an Appen ze benotzen.

Wann Der op de Site gitt, well „OpenData“ gëtt et jo schonn... Wann ee kucke geet, do fënnt een och scho verschidden Appen, mä, wéi gesot, déi nach an der Ausschaff sinn. Den Här Adam huet och eng Propos gemaach, fir e Site „OpenData“... also pardon, eng App - eng App! - vun der Regierung ze maachen. Ech mengen, dass dat och eng Iddi ass. Why not? Mir hunn déi verschidde Sitte vun der Regierung, an et wier vläicht net schlecht, och eng App ze hunn, wou een da vläicht all déi verschidde Saache ka matenee kucken. Dat ass haut méi trendy wéi einfach e www.gouvernement.lu. Ech ginn dee Message och nach weider.

An, Här President, selbstverständlech ass et och wichteg, wa mer vun „OpenData“ schwätzen, dass d'Chamber ee vun de Partner ka ginn elo och vun deem „OpenData“ an dass mer och zesummen un engem Projet, dass och déi Daten, déi hei benotzt ginn, effentlech da kënnen gemaach ginn.

Wéi gesot, ech soen hei Merci fir déi breet Zoustëmmung an deem dote Kontext. D'digital Welt ass eng Realitéit. Mir wëssen, dass mer och gemooss ginn op d'Accessibilitéit vun Infoen. Hei sinn Infoen, déi d'Leit all Dag kënnen interesséieren. An am Fong, wou mer och den Hackathon d'lescht Woch jo organiséiert hatten, wou eng ganz Rëtsch vu Leit hei waren, déi och während deene Stonnen, wou se hei waren, u Programmer geschafft hunn, a mir hunn do och ganz positiv Resultater kritt.

Ech si frou, Premierminister vun engem Land ze sinn, dat ee kann als „digital nation“ bezeichnen, dat heescht eng Natioun, déi sech och ugepasst huet un d'Modernitéit an déi net gewaart huet, bis se vun deenen anere gesot kritt huet, wéi se et soll maachen, mä déi och selwer Schrëtt geholl huet. An heiansdo muss een als klengt Land ebe méi performant si wéi aner Länner. Jo, well digital sinn, ass eng Realitéit. Mir sinn haut eent vun deene Länner mat där engster Konzentratioun vun „Tier IV“, dat si mat déi sécherst Data-Zentren an deser Welt. A gleeft mer et, verschidde Betriber géifen net op Lëtzebuerg kommen, wann ebe just och net an dës Infrastrukturen investéiert gi wier!

Duerfir, ech freeë mech, wann eng Zoustëmmung bei esou engem Projet ass. Mir stinn als Regierung fir déi horizontal Kompetenz vum deem „Digital Lëtzebuerg“, vun där digitaler Versioun vu Lëtzebuerg mat de Programmer, mat den Entrepreneuren, mat deene verschiddene Punkten, déi hautdesdaags wäit iwwert den Internet ginn. Well wann ee vu FinTeche schwätzt, zum Beispill, dat ass et och eng Realitéit. An et muss een eben och kucken, fir do Virreider ze sinn, fir eben den Zuch net ze verpassen.

Den Zuch vun der digitaler Welt ass een, wou Europa, Här President, leider - a leider muss ech dat agesinn - vill Verspéidung huet. Mir hunn an deem dote Kontext vill Retard hei. Et ass traureg, dass an Europa ganz vill Leit eben, wa se wëllen an der Programmation oder am IT-Bereich Succès hunn, an Amerika oder an

Asien ginn, well se do e Marché hu vu 500 Millioun Leit, a se bei eis ganz oft 28 verschidde Reglementatiounen hu fir e Marché vu 500 Millioun Leit.

Dowéinst sinn ech frou, wann hei eng grouss Zoustëmmung ass, well dat seet eis, dass mer mat „Digital Lëtzebuerg“ um richtege Wee sinn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Stats- a Medieminister. An ech géif dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6811 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6811 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwwer.

57-mol Jo, zwou Abstentiounen. Domat ass de Projet ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Jo! Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, de Projet de loi 6947. De Projet de loi ass en Accord, fir eng Juridiction unifiéed vum brevet hierzestellen. Rapportrice ass d'Madamm Claudia Dall'Agnol, déi eis elo gläich seet, wat sech hannert deem Projet verstoppt.

**10. 6947 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur l'application provisoire de l'Accord relatif à une juridiction unifiée du brevet, signé à Luxembourg, le 1<sup>er</sup> octobre 2015**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- Wann ech dat Wuert dann esou oft, wéi et hei a menger Ried steet, richteg erauskréien, Här President, da wäert ech dat sécherlech maachen.

Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deemem Projet de loi geet et, wéi de President richteg sot, ëm e Protokoll, deen eng provisorisch Applikatioun garantéiere soll vum Accord iwwer eng eenheetlech Juridiction fir Breveten, deen den 19. Februar 2013 zu Bréissel ënnerschriwwen ginn ass, an zwar vu 25 Länner vun der Europäescher Unioun.

Wéi Der lech sécherlech nach kënnt erënnere, hu mer d'Gesetz heizou zimlech genau virun engem Joer, näamlech den 18. Mäerz 2015, hei an der Chamber gestëmmt gehat.

Dee Protokoll, ëm deen et elo hei bei deemem Vott haut de Mëtteg geet, gouf den 1. Oktober 2015 och hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen. Eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, huet de Projet de loi dozou de 17. Februar 2016 hei an der Chamber déposéiert. D'aussepolitesch Kommissioun huet mech an hirer Reunioun vum 21. Mäerz datselwecht Joer zur Rapportrice vum Projet de loi genannt. A mir kruten de Projet och direkt an darselwechter Reunioun virgestallt.

De Conseil d'État huet säin Avis den 8. Mäerz zu deemem Projet de loi ginn, ouni awer eng speziell Bemierkung dozou ze maachen. A mäi

schréffleche Rapport gouf du schlussendlech an der aussepolitescher Kommissioun vum 11. Abrëll ugehall. Esou vill zum administrativen Deel vun deemem Projet de loi.

Den 18. Mäerz d'lescht Joer beim Vott vum Gesetz deemools hunn ech lech erkläert, dass d'Gesetz am Zesummenhang ze gesinn ass mat de laangjäregem Beméiungen an der Europäescher Unioun, fir e Brevet communautaire ze schafen, deen nieft deem klasseschen europäesche Brevet op Basis vun der Münchener Konventioun sur le brevet européen vun 1973 bestoe sollt.

Et ass dréms gaangen, fir e Brevet ze schafen, deen net d'Nodeeler vun deem klassesche Brevet européen huet. Dee klassesche Brevet kann een zwar zentral fir verschidde Länner beim europäesche Patentamt ufroen, mä en entsprécht am Endeffekt nëmmen engem Ensembl vum nationale Breveten.

D'Prozedur, déi ass och relativ deier a relativ opweneg, notamment duerch déi gefuerdert Iwwersetzungen. An am Fall, wou an e puer Länner géint de Brevet verstouss gëtt, muss juristesche Schrëtt an all deene betraffene Länner geholl ginn, wat och erëm mat vill Opwand verbonnen ass an domadder natierlech erëm eng Kéier deier gëtt.

D'Aarbechten um Brevet communautaire, deen déi grad beschriwwenen Nodeeler behiewe soll, si Jorzéngte gelaf, bis dann dunn eben en Duerchbroch gelongen ass an iwwert de Wee vun der Coopération renforcée de Brevet unitaire konnt geschafe ginn.

Am September 2015 huet sech Italien, dat ursprénglech zesumme mat Spuenien géint d'Afféiere vun deemem neie Brevet war, dëst haaptsächlech weinst Froe ronderëm d'Iwwersetzungen, décidéiert, dass si sech deemem Projet och elo wëilten unsléissen. Dëst wäert deen neie Brevet natierlech méi attraktiv maachen, vu dass Italien haut déi véierthéchsten Zuel a Patentumeldungen huet.

Et läit op der Hand: Wa mer e Brevet à effet unitaire hunn, deen a 26 Länner wirksam ass, da brauch een och eng eenheetlech Gerichtsbarkeit. Esou kënnen da Verstéiss géint dee Brevet an enger eenzeger Gerichtsprozedur behandelt ginn. An d'Décisioun vum där Juridiction sinn direkt wierksam an alle concernéierte Länner.

Dës Juridiction wäert an Zukunft souwuel zoustänneg si fir d'Litigé betreffend de Brevet européen à effet unitaire wéi och fir déi klassesch europäesch Breveten. D'Juridiction besteet aus engem Tribunal de première instance an enger Cour d'appel an engem Greffe, déi hei zu Lëtzebuerg implantéiert wäerte sinn.

Den Tribunal de première instance besteet dann erëm aus enger zentraler Divisioun mat Sëtz zu Paräis a Sektionen zu München a London an aus regionalen oder lokalen Divisiounen. Lokal oder regional Divisiounen ginn op Demande vun de State gegrënnt.

Lëtzebuerg huet net vir, eng lokal Divisioun ze schafen, well et hei praktesch keng Litigen am Zesummenhang mat Brevete gëtt. Dat bedeit konkret, dass am Fall vu Lëtzebuerg déi zentral Divisioun an éischter Instanz zoustänneg ass.

E Centre de médiation et d'arbitrage ass zu Ljubljana an zu Lissabon virgesinn. An e Centre de formation, deen ass schonn zu Budapest ageweit ginn.

D'Juridiction ass eng gemeinsam Juridiction fir d'Staten, déi bei der Kooperatioun matmaachen. Si ass en integrale Bestanddeel vum juristesche System vun dese Staten an och vum juristesche System vun der Europäescher Unioun, och wa se duerch en internationalen Accord geschafe ginn ass.

D'Juridiction huet d'Obligation, d'Unionsrecht ze applizéieren an och ze respektéieren, a si soll wéi och all aner national Gerichtsbarkeete mat der Cour de justice vun der Unioun kooperéieren, andeems se där hir Jurisprudenz applizéiert a se - wann néideg natierlech - mat Questions préjudicielles befaasst.

Schonn ganz am Ufank vun den Négociatiounen huet eis Regierung sech staark derfir agesat, dass d'Cour d'appel an de Greffe vun där neier Juridiction sollen op Lëtzebuerg kommen, an dat ass jo och gelongen. Dës Implantatioun ass sécher eng gutt Saach fir Lëtzebuerg als Standuert vun europäeschen an och internationale Gerichtsbarkeeten. Derbäi kënnt, dass Aarbechtplaze geschaaft ginn, an et gëtt sech sécherlech och erwaart, dass eng Rei vun Affekoten- a Conseilsbüroe sech bei eis etabléiere wäerten.





Wéi all déi aner Länner, déi eng lokal oder regional Divisioun opmaachen, oder déi Länner, déi de Sëtz vun der zentraler Divisioun hunn, ass Lëtzebuerg als Sëtz vun der Cour d'appel a vum Greffe gehalen, déi néideg Infrastruktur natierlech zur Verfügung ze stellen. An enger éischter Iwwergangsphas vu siwe Joer muss Lëtzebuerg en plus dat néidegt administratiivt Personal stellen. A wéi all Member musse mer eng Contribution initiale leeschten, fir d'Mise en place vun der Juridiction ze assureieren.

An deem Sënn ass elo dann och dee Projet de loi vun haut de Mëtteg ze gesinn, dee mer dann hoffentlech herno wäerte stëmmen, nämlech fir dass mer prett sinn, wann den Accord a Kraaft trëtt, wat de Fall wäert sinn, wann den Accord vun 13 Länner ratifizéiert ginn ass.

Dorënner mussen déi dräi Länner mat de meeschten ugemeltene Breveten an der EU sinn. Momentan sinn dës Däitschland, Frankräich a Groussbritannien. Falls Groussbritannien sech am Juni da sollt décider, d'Union ze verloossen, da géif an deem Fall d'Radifikatioun vum nächsten, vum neiste Signataire vun dëser Kooperatioun, Italien, obligatoresch ginn.

Bis elo hunn néng Länner den Accord ratifizéiert: Eisträich, d'Belsch, Dänemark, Frankräich, Malta, Portugal, Schweden, Lëtzebuerg an am Januar dës Joer da Finnland.

E Comité préparatoire, wou all déi 25 Länner och matschaffen, déi den Accord ënnerschréien hunn, schafft un all den Aspekter vun der Mise en place vun där neier Juridiction. An elo ass et eben esou wäit, dass mer musse Riichter rekrutéieren fir all d'Instanzen, genausou wéi de Greffier an de Greffier adjoint, fir dass, soubal wéi d'Formaliteiten ofgeschloss ginn, direkt kann ugefaange gi mat schaffen. An dofir ass dann dës Protokoll och néideg.

De momentanen Zäitplang, fir dass d'Juridiction kann opgoen, gesäit ufanks 2017 vir. Dës hânt awer vun enger Rei Facteuren of, ënner anerem deem, ob de Protokoll hei matzäiten a Kraaft triede kann, fir d'Virbereedungen ofzeschlëssen.

Voilà, elo elo hunn ech wäit genuch ausgeholl. Mir haten e laangen Nomëtten, dofir géif ech lech direkt Merci soen alleguer fir Är Opmierksamkeet. An ech géif dann natierlech och den Accord vun der Sozialiste fir dës Projet de loi ginn. An ech soen lech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da ginn ech dovun aus, dass den Här Jean-Marie Halsdorf datselwecht mécht.

(**Hilarité**)

**Discussion générale**

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Effektiv, just zwee Wieder: Mir sinn eis bewusst, an dat ass wichteg - dat ass nach net gesot gi vun der Rapportrice, där ech Merci wëll soe fir hire Rapport -, dass de Brevet unitaire européen am Fong geholl wichteg ass fir d'Kompetitivitéit vun der Wirtschaft an Europa. En ass am Intérêt vun de Chômeuren, vun de PMEen, a mir brauchen Innovatioun. An heimat - well eben hei d'Spillregele kloer ginn - gëtt et op där enger Säit en eenheetleche Brevetsschutz an op där anerer Säit gëtt et da kloer Brevetsregeln, wéini déi délivréiert ginn. An dat ass am Intérêt vun der Saach.

Duerfir gëtt dee Projet vun eis ënnerstëtzt, ëmsou méi en och nach de Juridictionsstanduert Lëtzebuerg, wéi d'Rapportrice dat elo gesot huet, stärkt. Mir kréien effektiv d'Cour d'appel an de Greffe a Saache Brevet unitaire européen hei op Lëtzebuerg, an duerfir ass et selbstverständlech, dass ech den Accord vu menger Fraktioun hei zu deem Projet bréngen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Halsdorf. Den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei hat d'Gesetz virun engem Joer scho gestëmmt. Mir bleiwe selbstverständlech an där selwechter Logik, well och, wéi mä Virriedner dat elo schonn hei ënnerstrach huet, dat heiten awer fir déi Image de marque vu Lëtzebuerg trotzdeem eppes ganz Positives ass.

Ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir der Madamm Dall'Agnol nach e grouse Merci ze soe fir hire schréfflechen a mëndleche Rapport a bréngt selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der DP.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wollt der Rapportrice och villmools Merci soen an den Accord vun der grénge Fraktioun zu deem Projet de loi bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit e grouse Merci un d'Madamm Dall'Agnol. Mir stëmmen dat heiten och mat, well et eben, wéi gesot, eng ganz positiv Auswirkung op de Standuert Lëtzebuerg huet, mä just mat enger Foussnout, déi ass awer wichteg: Dat ass, dat hei eng Prozedur jo initiéiert ginn ass virun engem Joer - oder schonn e bësse méi laang, mir hunn et jo virun engem Joer ratifizéiert -, wou eng Prozedur ageféiert ginn ass, nämlech eng Coopération renforcée an der Europäescher Union, fir zu deem Accord ze kommen; also zum Haaptaccord, net zu deem Protokoll, dee mer elo haut ratifizéieren. An d'Ursach, fir eng Coopération renforcée ze maachen, wor jo d'Émgoe vun zwou vun den Amtssproochen vun der Europäescher Union.

Wa mer och u sech hannert deem Instrument vun der Coopération renforcée stinn, gemäss dem Artikel 20 (1) vum Traité vun der Europäescher Union, da musse mer eis awer d'Fro stellen, ob déi Ursach, fir hei eng Coopération renforcée ze maachen, am Geescht vun de Verträge war.

Genausou kann ee sech d'Fro stellen elo bei deem Protokoll, ob et wierklech der Gläichbehandlung vun de Staten an der Europäescher Union entsprécht, och am Geescht erëm eng Kéier vum Artikel 20 (1), dat dräi Länner musse bei de ratifizéierende State sinn, zoufällg déi dräi gréisst Länner, hei mat engem prakteschen Argument, dat se eben déi meescht Brevete musse bréngen. Mä trotzdeem ass et eng Netgläichbehandlung vun EU-Staten am Kader vun enger Coopération renforcée.

Mir stellen dat emol an de Raum. Wéi gesot, mir stellen eis Froen doriwwer. D'Approche schéngt eis an deenen zwou Instanzen net ganz richteg gewiescht ze sinn, éischstens den Ausschluss vun Italienesch a Spuenesch als Amtssproochen an an der zweeter Instanz d'Beserbehandlung vun dräi vun de Staten, déi an der Coopération renforcée matmaachen.

Wat elo spezifesch Lëtzebuerg ugeet, just eng Bemierkung - ech gesinn, den Här Justizminister ass hei -: E kann eis vläicht soen, ob esou eng Instanz sief et beim Justizministère, sief et beim Wirtschaftsministère existéiert, mä déi Komplexitéit vun de verschidene Modellen, fir Breveten unzemellen an der Europäescher Union, huet eis ëmmer inspiréiert, dat de Stat gutt berode wär, fir Lëtzeburger ze beroden - Firmen hei am Land, Persounen hei am Land, déi wëllen e Brevet umellen - iwwert dee beschte Wee, fir dat ze maachen, an déi fir si optimaalst Léisung. Esou eng Berodung kéint natierlech och fir de Fuerschungsstanduert e weidere Plus bedeiten.

Dat gesot, wéi gesot, stëmme mer als ADR och dës Projet mat. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An den Här Urbany huet d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, ech wëll soen, dass mir eis hei enthalte wäerte bei deem Projet. Net dass mer eppes dergéint hätten...

(**Nuisances sonores**)

...wat hei beschloss ginn ass zu Lëtzebuerg ze installéieren iwwert déi Breveten, dass dat soll kënne sech installéieren an déi néideg Riichter a Greffiere kréien, déi dozou gehéieren. Mä

well mer ganz kritesch sinn iwwerhaupt zu där Propriété intellectuelle, wat e wichteg Instrument ass hautdesdaags, net fir d'Kreateuren, fir d'Erfinder - oder d'Artisten an engem anere Fall - ze ënnerstëtzen, mä dacks en Instrument ass, fir déi, déi investéieren an d'Kreatioun an an d'Erfindung, ze stäerken a souguer fir Steierhannerzéiung ze maachen. Mir wëssen, dass an Holland déi Patentboxen eng ganz wichteg Roll spille bei der Steierhannerzéiung.

Duerfir si mer ganz virsiichteg a ganz kritesch vis-à-vis vun esou Instrumenter an duerfir wäerte mer eis bei deem heite Projet enthalen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An domat huet d'Wuert den Här Justizminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Den Ausseminister, deem zoustänneg ass fir dës Projet, ass haut de Mëtteg leider verhénnert. En huet mech gebieden, a sengem Numm lech folgend Interventioun virzedroen. Ech wëll dat awer eréischt maachen, nodeems ech der Rapportrice Merci gesot hu fir hire ganz komplette mëndlechen an och schréffleche Rapport.

Duerch d'Gesetz vum 12. Abrëll 2015 huet d'Chamber den Accord iwwert d'Juridiction unifié vum den europäesche Breveten ëmgesat. Ech wëll drun erënnere, dat d'Cour d'appel an de Greffe vun dëser neier europäescher Juridiction hire Siège zu Lëtzebuerg hunn.

Sou wéi am Accord virgesinn, fänkt dës nei Juridiction mat hirer Aarbecht un dräi Méint nodeems 13 Memberlänner hir Radifikatioun ofgeschloss hunn, dorënner déi dräi Länner, déi déi gréisst Zuel vun europäesche Breveten ausstellen: Däitschland, Frankräich a Groussbritannien. Den Här Kartheiser huet dat e bësse bemängelt. Mä ech mengen, dass hei tatsächlech e praktesche Grond, e konkrete praktesche Grond virläit, wuelverstanen an der Phase de lancement - an der Phase de lancement -, net am definitive Fonctionnement. Dofir mengen ech net, dass een dat heite soll anescht oder iwwerbewäerten.

Dee Projet, deem d'Regierung hei virleet, steet an direktem Zesammenhang mat der Ëmsetzung vum Accord iwwert d'Juridiction vun den europäesche Breveten an deem Mooss, wou de Protokoll vum 1. Oktober 2015, ëm deem et hei geet an deem ech lech och froen ze approuvéieren, déi praktesch Applikatioun vun de Modalitéiten vum Accord iwwert den europäesche Brevet virgesäit.

D'Memberlänner si sech eens an der Analys, dass dräi Méint am Fong eng vill ze vill kuerz Zäit ass, fir all déi praktesch Aarbechten unzegoen an ofzeschlëssen, déi noutwendeg sinn, fir dass dës Juridiction kann ënner korrekten Ëmstänn hir Aarbecht iwwerhaupt opheulen. Deen Dag, wou déi provisoresch Applikatioun vum Accord ufänkt, sinn d'Aarbechte vum aktuelle Comité préparatoire och ofgeschloss an déi zoustänneg Gremie vun der Juridiction, de Comité budgétaire an de Comité administratif grad ewéi de Comité consultatif, fänken da mat hirer Aarbecht un a mussen all déi noutwendeg Schrëtt validéieren, déi vum Comité préparatoire nëmme kënne virbereet ginn. Datselwecht gëllt och fir all intern Reglementer vun der Institutioun.

Et geet deemno drëms, sécherzestellen, dass déi noutwendeg praktesch Schrëtt schonns kënnen am Virfeld geholl ginn, an doduerch och ze garantéieren, dass dës nei Juridiction och tatsächlech deem Dag operationell ass, wou den Accord dann a Kraaft trëtt. Dës provisoresch Applikatioun vum Accord interesséiert deemno eis besonnesch als Siège vun der Cour d'appel a vum Greffe. Mir sinn interesséiert, an och all déi aner Länner, déi och implizéiert sinn, bei de Virarbechten a besonnesch beim Rekrutement an der Formatioun vun de Riich-

ter, ëmmerhi bis zu honnert Stéck, déi alleguer en Deel vun hirer Zäit wäerten deenen ënnerschiddlechen Instanzen vun der Juridiction zur Verfügung stoen.

Déi provisoresch Applikatioun erlaabt et awer och dem Comité préparatoire an de Memberlänner, de Rekrutement vum administrative Personal op den Opbau vun de Strukturen, net zulescht de komplexen Informatiksystemer vun der Juridiction, unzegoen. Op dës Manéier évitéiere mir praktesch Problemer beim Fonctionnement deem Dag, wou den Accord a Kraaft trëtt.

Bei dëser provisorescher Applikatioun handelt et sech net ëm eng Ausnameregulung, mä ëm eng gängeg Praxis, wann et heescht, international Accorden oder Konventionen ëmzesetzen. Zousätzlech Obligatiounen entstinn eis aus dem Text keng, och keng zousätzlech finanziell Belaaschtungen, well et, wéi gesot, just drëms geet, all déi Artikelen, déi mat der Logik an dem Opbau vun dëser neier Institutioun ze doen hunn, provisoresch a Kraaft ze setzen an de Memberlänner an der Juridiction domadder déi noutwendeg Zäit ze ginn, hiren Opbau ofzeschlëssen, ier se hir Aarbecht offiziell ophëlt, ouni dës Aarbechte mussen op dräi Méint ze compriméieren, tëschent der 13. Radifikatioun an der Mise en vigueur.

Ech hoffen, ech war kloer genuch, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Hilarité générale et interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci gesot! An da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6947 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6947 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech an dann d'Procuratiounsstëmmen.

An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwe. 57-mol Jo an 2 Abstentiounen; domat ass de Projet 6947 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.


Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Dat ass dann esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Projet vun eise Ordre du jour vun haut iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6908. A wourem et geet, seet eis



d'Chamber online op  
**www.chd.lu**





direkt d'Berichterstatterin, d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Une voix.**- Ech si gespaant!

## 11. 6908 - Projet de loi sur la reconnaissance du mariage au Grand-Duché de Luxembourg et modifiant le Code civil

### Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm e Projet de loi, deen ons erlaabt, d'Mariagen, notamment d'Mariages de même sexe an d'Adoptioun fir déi Koppelen och hei zu Lëtzebuerg ze homologéieren, soen ech emol, unzëerkennen, déi Mariagen, déi am Ausland stattfonnt hunn, ier mir d'Gesetz hei vum Mariage pour tous vum 4. Juli 2014 gestëmmt hunn.

Firwat ech déi hei Introduktioun maachen? Dat ass, fir lech ze soen, datt dëse Projet de loi am Ufank en aneren Intitulé hat. En hat en Intitulé, wou eben dat Gesetz, notamment dat Gesetz vum 4. Juli 2014 sollt modifizéiert ginn. Dat ass awer entre-temps geännert.

Fänke mer emol vu vir un! Den 19. November 2015 ass dëse Projet de loi vum Justizminister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis ginn den 19. Januar 2016. D'Commission juridique huet de 24. Februar 2016 mech selwer als Rapportrice ernannt. A mir hunn dëse Projet de loi an der Sëtzung vum 9. Mäerz nach eng Kéier diskutéiert an de Rapport och esou ugeholl.

Fir nach eng Kéier drop zrëckzekommen, op den Avis vum Statsrot, well ech mengen, et ass do, wou och den Intitulé herno changéiert huet: Den Avis vum Statsrot war quant au fond och ouni..., ouni..., et war okay fir si, awer wat d'Form ubelaangt, do huet de Statsrot, contrairement zum Auteur vum Projet, dee gemengt huet, datt de Projet de loi éischter kéint eng Disposition transitoire duerstellen ebe vum Gesetz vum 2014, do huet de Statsrot awer gemengt, datt et éischter de caractère d'une disposition autonome wier.

Dofir hu mer och aus engem Projet de loi, deen e besteeënd Gesetz modifizéiert, eigentlech en autonome Projet de loi gemaach an e genannt: «Projet de loi sur la reconnaissance du mariage au Grand-Duché de Luxembourg et modifiant le code civil».

Wat hu mer an deem Projet de loi? Mir hunn zwee Paragraphen an deem Projet de loi. Deen éischten, effektiv, ännert de Code civil, och a sengem Code civil och nach den Artikel 170-1 (veuillez lire: e füügt dem Code civil och nach den Artikel 170-1 bäi), deen dann och erlaabt, datt effektiv eng Koppel de même sexe och zu Lëtzebuerg kann uerkannt ginn als bestuete Koppel, och wann dat virun der Introduktioun vum Gesetz den 1. Januar 2015 stattfonnt huet.

Just eng kleng Bemierkung, datt mer och an deem Artikel 170-1 eng Referenz maachen op den Ordre public, fir kloerzestellen, datt och nëmmen déi Mariagen uerkannt ginn, déi effektiv sech net um Ordre juridique (veuillez lire: Ordre public) hei am Land stoussen, wéi zum Beispill d'Bigamie, d'Polygamie oder d'Bestietnis mat engem Kand..., jo, mat engem Persoun, déi mineur ass, loosse mer et emol esou ausdrécken.

An da beschäftegt den zweeten Artikel vun dësem Gesetz sech mat der Adoptioun vun deene Koppelen, déi dann hei zu Lëtzebuerg uerkannt ginn, wou d'Adoptioun och schonn am Ausland uerkannt ginn ass. An och do stelle mer sécher, datt d'Konditiounen agehale gi vun der Autorité centrale en matière d'adoption internationale, datt de Ministère de l'Éducation an de l'Enfance, deen och dofir zoustänneg ass, sech effektiv halen un d'Convention de La Haye, wat vu Lëtzebuerg ratifizéiert ginn ass am Joer 2002.

An dat geschitt natierlech och fir all déi Maisons d'adoption vun der Croix-Rouge an aner Services agréés, soudatt mer kënnen sécherstellen, datt déi Adoptiounen, déi am Ausland stattfonnt hunn an déi mir herno nodréiglech hei am Land unerkennen, och en bonne et due forme sinn an net géint ons Jurisdiction hei am Land verstoussen.

Voilà, dëst gesot, mengen ech, wa mer dat Gesetz haut gestëmmt hunn a wann dat Gesetz bis dann och publizéiert ass, da sinn och all déi Koppelen de même sexe mat oder ouni Adoptioun vun engem Kand hei uerkannt, obwuel se virum 1. Januar 2015 bestuet gi si respektiv e Kand adoptéiert hunn. An domadder hätte mer déi lescht, net grad Ongerechtegkeet, mä dat Net-equivalent-Behandelen an dësem Land domadder erëm riichtgemaach.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Rapportrice. An ech wollt lech elo froen, ob Der just d'Zoustëmmung gitt oder ob nach méi fundamental Interventiounen ze maache sinn. Ech hat ageschriwwen: den Här Gloden, den Här Bodry, d'Madamm Beissel, den Här Roy Reding.

(*Brouhaha*)

Dann den Här Gloden.

### Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (*CSV*).- Merci, Här President. Ech mengen, dat hei Gesetz ass am Esprit vun deem Gesetz, wat mer gestëmmt hunn - d'Gesetz vum 4. Juli 2014 -, an duerfir gëtt meng Fraktioun den Accord.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech wëllt just d'Explikatioun ginn, dass den Här Gloden eigentlech net schold ass, mä dass hien ze grouss ass fir dee klenge Mikro.

(*Hilarité*)

Jo, mir maachen e méi laang. Mir maachen eng Verlängerung drun.

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Kéint Der dat bei mir och maachen?

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Da kréie mer scho Mengenrabatt.

► **Une voix.**- Voilà, voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Bodry huet d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Jo, Här President, ech wëll och der Rapportrice ausdrécklech Merci soe fir hire Rapport. Mir hate keng gréisser Diskussioun iwwert deen dote Projet och bei eis an der Commission juridique, well et effektiv fir déi grouss Majoritéit vun de Membere vun där Kommissioun eng logesch Suite ass eigentlech vun der Reform iwwert de Mariage, déi mer gestëmmt hunn, dee mer opgemaach hu fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

Hei geet et also nach just drëm, fir déi Fäll ze léisen, wou de Mariage virdru stattfonnt huet, fir dass een also do all Rechtssécherheet kritt, déi elo mam aktuellen Text net honnert-prozenteg besteet, wou et kënnen Interpretatiounsdivergenze ginn. A fir eben déi Kloerheet ze schafen, stëmme mer deen heiten Text. An deen huet natierlech déi voll Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Bodry. Dann d'Madamm Beissel.

► **Mme Simone Beissel** (*DP*).- Här President, ech hänke mech drun, fir Merci ze soen der Madamm Rapporteur Viviane Loschetter.

Ech mengen, mat dësem Text maache mer e richtege Schrëtt fir d'Verbesserung vum Espace juridique européen. Mir verbessern haapt-sächlech d'Situatioun och vun dem Droit international privé vun engem ganze Koup Leit, déi op dem europäeschen Territoire, mä doriwwer eraus och op dem internationale Parkett sech bewegen.

Et geet jo ebe just ëm eng Gläichstellung tëschent de Mariagen, déi am Ausland geschloss ginn an zu Lëtzebuerg geschloss ginn, ënnert der Konditioun, dass eben, wéi gesot, d'Conditions de fond erfëllt sinn an och den Ordre public international respektéiert gëtt.

Dat gëtt mat dësem Projet de loi gemaach. D'Rechtssécherheet gëtt garantéiert. An dofir bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Beissel. An dann, mengen ech, wär et um Här Reding.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Merci, Här President. Den Här Bodry huet absolutt recht, wann e seet, datt deen heiten Text déi logesch Suite ass vun der Zouloossung vum Mariage homosexuel an der Adoptiounsméiglechkeet, déi hei agefouert ginn ass.

D'ADR huet géint dat Gesetz gestëmmt. An duerfir, well dat heiten eng logesch Suite ass, si mer selbstverständlech och géint dësen Text, well mer nach wie vor der Meenung sinn, an engem Optik vum Schutz vum Kand, datt een homosexuelle Koppelen de Mariage soll verweigeren a virun allem och d'Adoptiounsrecht vu Kanner soll verweigeren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Här President, et freet mech, dass ech elo awer nach e Gesetz hunn, wou ech ka soen, fräien Häerzens: Mir stëmmen derfir.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Nach net klappen, wann ech gelift! Den Här Justizminister huet d'Wuert.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Ech vergonnen dat dem Här Urbany och vu ganzem Häerzen. Ech wëll der Rapportrice an der Commission juridique Merci soen, dass mer dëse Projet och konnten, an och dem Statsrot, relativ séier evakuéieren.

Et sinn, no der Adoptioun vum Text iwwert de Mariage pour tous, Zweifel opkomm, ob déi Mariagen, déi antérieur wieren, kéinte mat drënner falen. Doriwwer konnt laang épiloguéiert ginn. Fakt war, wann nëmmen dee geréngsten Zweifel bestanen huet, wär et besser, mir raumen deen esou séier wéi méiglech aus der Welt. Dat ass mat dësem Text geschitt.

Mir hunn och an där Zäit, wou den Text „Mariage pour tous“ en vigueur ass, bis haut, och glécklecherweis nëmmen ee Fall gehat, wou de Mariage net konnt uerkannt ginn, soulaang dësen Text net virläit. Déi Leit hunn och en Affekot. Déi wëssen och, dass den Text haut gestëmmt gëtt, an déi wäerte sech och freeën, wann den Text am Mémorial publizéiert ass, dann hir Demande nei kënnen eranzereche fir d'Reconnaissance.

Domadder kënnen mer och elo soen, dass mer kee Fall hunn, deen, zënter eist Gesetz gestëmmt ass, dann net konnt uerkannt ginn. Et c'est tant mieux!

Ech soen lech Merci fir d'Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Justizminister. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6908 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6908 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

Et geet e bësse méi lues. Oh, dat geet awer ganz zögerlich. Majo, da schléisse mer de Vott elo of. Kee méi? Okay.

De Projet ass mat 50 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aedem, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Diane Aedem), Félix Eischen, Léon Gloden, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

### (Assentiment)

Merci. Ech géif lech bieten, nach e kuerze Moment ze bleiwen, well...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Eng Gedenkminnutt, Här President?

## 12. Hommage à M. Serge Urbany

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Beim Här Urbany wär ech guer net esou vireileg. Haut ass näamlech déi virleefeg lescht éffentlech Sëtzung vun eiem Kolleg, dem Serge Urbany. Hie gëtt muer säi Mandat weider un de Marc Baum, nom traditionelle Rotatiounsprinzip bei déi Lénk.

De geléierten Affekot ass den 2. Juli 2002 eng éischte Kéier als neie Member vun der Chamber opgeholl ginn an huet deemools d'Mandat vum Aloyse Bisdorff weidergefouert. Den Deputéierte vu Suessem war bis d'Wahle vum 2004 hei an der Chamber. Vun 2004 bis 2011 - dofir, Här Bodry, meng Bemierkung - war den Här Serge Urbany dunn ancien Député.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Wéi komplizéiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- De 16. November 2011 ass hien op en Neits hei an d'Haus als Deputéierte komm, deemools als Nofolger vum André Hoffmann. De Serge Urbany war vun 2012 bis 2013 och aktive Member an der parlamentarescher SREL-Enquêtekommissioun.

Bei de Wahlen 2013 ass hien erëmgewielt ginn a war vill am Asaz, wéi dat bei esou enger méi klenger Equipe normal ass, hei am Plenum, mä och an enger Rei vu Kommissiounen, dorënner an dëser Legislatur zum Beispill an der Institutiounskommissioun, der Gesondheitskommissioun, der Kommissioun fir Aarbecht an an der Kulturkommissioun.

De Serge Urbany, dat wësse mer, ass e Mann mat staarke politeschen Iwwerzeegungen. A wann hie bis op enger Schinn ass, dann ass et schwéier, fir hien dovun ofzebréngen, wann iwwerhaapt!

► **Une voix.**- Hien ass net entgleist.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- En huet e laange Wee hannert sech an huet sech an der Kontinuitéit enger Rei vun Evolutiounen net verschloss. Bei him weess een och ëmmer, wou een drun ass. An och, wann hie mat senger Meenung net ëmmer mehrheitsfähig war, mengen ech, ass jiddweree vun eis zur Iwwerzeegung komm, dass de Serge e gudden Deputéierten ass.

Ech gebrauchen net d'Vergangenheet, well hien emol schonn eng Kéier ancien Député war. An eiser aller Numm, an a mengem eegenen och, wëll ech dem Serge Urbany villmools Merci soe fir säin Asaz an him en einfachen „Maach et gutt, Serge!“ mat op de Wee ginn. Merci!

### (Applaudissements)

Ah, en huet seng Meenung awer geännert an...

(*Hilarité*)

Dofir hunn ech och esou laang gewaart.

### (Interruption par M. Alex Bodry)

Fait personnel, fait personnel!

(*Hilarité*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Also ech wëll mech wierklech éierlech bedanke fir déi Kollegialitéit, déi heibanne bestanen huet. Ech mengen, mir hu keng Feindschaften opgebaut. Dat fannen ech immens wichteg. Wann een zesumme streit a Politik mécht, dann ass et wichteg, dass een awer nach herno ka matenee schwätzen. An ech mengen, dat ass eis wierklech gutt gelongen. An ech fannen, dat ass e Pluspunkt och vun där Chamber hei. Et läit vläicht un deene klenge Verhältnisser vun eise Land, mä ech fannen, dass dat immens wichteg ass.

Et war och en immens léift an engagéiert Personal, mat deem mer et hei alleguerten ze dinn hunn, eent, dat wierklech eng héich Opfaassung vu Service public huet.

Wat mech ugeet, mä militant Liewe wäert weidergoe wéi virdrun. Ech freeë mech drop - an ech wäert och muer uewen op der Tribün sëtzen, esou wéi hien elo -, wann de Marc Baum vereedeegt gëtt. Dir wäert gesinn, dass dat gradesou ee kämpferesche Vertrieeder ass vun déi Lénk wéi den David an ech.

Duerfir wëllt ech nach zum Schluss soen: Je ne regrette rien! Eppes vläicht e bëssen - e bëssen -, dat ass, dass ech net zum SREL-Gesetz konnt schwätzen.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Da passt op, dass kee Gras drop wiisst!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Mir kënnen et direkt drunhuelen, jo.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sou, villmools Merci. An domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm.

► **Une voix.**- Maach et gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Bis muer de Mëtteg ëm zwou Auer. Merci.

(*Fin de la séance publique à 19.13 heures*)